Well awer déi Diskussioun an der Chamber esou stattfonnt huet, well och eng Proposition de loi ënnerwee war, déi, ech mengen, och an Zwëschenzäit déposéiert ginn ass, ass et nëmmen normal, datt d'Regierung och hire Projet hei déposéiert. Eise Projet dréit de Réflectioune vun der Magistratur a vun der Polizei fir eng effikass Bekämpfung vun der Kriminalitéit Rechnung. Et ass also elo gutt, wann d'Chamber kann, opgrond vun zwee Projeten, déi Diskussioun intensiv féieren.

Mir gesi vir, datt Strofdoten, déi Strofe vun iwwer sechs Méint mat sech zéien, kënnen, do wou dat noutwendeg ass, iwwert de Repérage téléphonique novollzu ginn. Mir setzen net de Repérage op déi nämlecht Ebene wéi d'Ecoute téléphonique, droen also domadder virun allem den Observatioune vun der Police Rechnung. Selbstverständlech gëtt déi Persoun herno informéiert an huet eng Recoursméiglechkeet.

Iwwert den Detail dovunner schwätze mer eng aner Kéier, mä ech wëll also deen Dépôt hei maachen, zu deem mech de Grand-Duc de 14. Dezember 2001 autoriséiert huet.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Dat do war séier gaangen.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Justizminister Luc Frieden an e gëtt un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

7. Projet de loi 4785 portant
1. approbation de la Convention Inter nationale pour la répression du faux-monnayage ainsi que du Protocole y relatif, signés à Genève en date du 20 avril 1929;
2. modification de certaines dispositions du code pénal et du code d'instruction criminelle *(Suite)*

Mir sinn da gläichzäiteg um Enn vun der Diskussioun vum Projet de loi 4785 ukomm a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dee gesamte Gesetzprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Nico Loes), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Haupert), Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et Théo Stendebach (par M. Alexandre Krieps);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispenz vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir wieren domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mueren um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.36 heures)